piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Virun net all ze laanger Zäit gouf et zu Stengefort 9 Fäll, wou Leit an der Gemeng duerch Legionelle krank gi sinn. Ënnert de Persounen déi krank gi waren, waren och besonnesch vulnerabel Leit aus dem Hôpital intercommunal. Laut dem aktuellsten Artikel vum Lëtzebuerger Wort vum 4ten August 2025 goufen an den Analyse vum kale Waasser keng Réckstänn vun de Bakterie fonnt, d'Analyse vun de Prouwe vum Waarmwaasser waren zu deem Moment awer nach net ofgeschloss.

Zënter e Freide soll an der Gemeng Stroossen d'Krunnewaasser kontaminéiert si mat Bakterie vu fäkalem Ursprong. Dowéinst soll d'Krunnewaasser de Moment net consomméiert ginn oder virdru wärend mindestens 10 Minutten ofgekacht ginn. Laut rezente Presseartikele sollen um Méinden nei Prouwen analyséiert ginn, fir ze kucken, op d'Waasser weiderhi verknascht ass. D'Resultater vun dësen Analyse géifen awer fréistens am Laf vum Dag oder souguer réischt Dënschdes virleien. Um Terrain vun der Gemeng Stroossen befannen sech ënnert anerem och méi Crèchen an eng generell Ënnerbréngungsstruktur. Et gouf un eis erugedroe, dass um Méinde verschidde Crèchen an der Gemeng awer net doriwwer informéiert waren, dass si kee Krunnewaasser benotzen dierfen. Waasser ass awer net nëmmen e wichteg Grondliewensmëttel, mee och besonnesch wichteg wat d'Hygiène ugeet. Am Fall vun zum Beispill enger Kontaminatioun mat E. Coli-Bakterie kann esouguer een einfache Geste wéi d'Hänn wäschen zur Verbreedung vun de Bakterie bäidroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat brauchen Analyse vum Drénkwaasser hei am Land esou laang fir ausgewäert ze ginn,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

besonnesch wann een d'Wichtegkeet vum Accès zu propperem Drénkwaasser bedenkt?

2. Firwat gëtt hei net méi oppen a séier vu Säite vun enger betraffener Gemeng kommunizéiert, besonnesch mat de Betreiungsstrukturen, wou besonnesch vulnerabel Mënsche betreit ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten